




FRAKTION

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. Februar 2020



Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesait, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weider ze leeden.

Informatione vum Radio 100,7 no, läit e provisoresh Konzept vum Gesondheetsministère um Dësch, wat awer nach net vum Regierungsrot ugeholl gouf. Hei wiere verschidde Mesure virgesinn, wéi z.B. datt eng Persoun 30 Gramm Cannabis pro Mount ka kafen, 14 Verkafspunkten uechter d'Land virgesi wieren etc. Et wier awer nach onkloer wéi d'Legaliséierung mam internationale Recht kann an Aklang bruecht ginn.

An dësem Kontext géife gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Stëmmt et datt esou e provisoresh Konzept existéiert?
- Wa jo, kann d'Regierung d'Informatione vum Radio 100,7 confirméieren?
- Ass et méiglech datt d'Deputéiert dat provisoresh Konzept kréien?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Françoise Hetto-Gaasch
Deputéiert

Claude Wiseler
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L – 2338 Luxembourg



Luxembourg, le 28 février 2020


Concerne: Question parlementaire n° 1930 du 25 février 2020 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch et de Monsieur le Député Claude Wiseler

Réf. : 829x5b4ae

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 1930 du 25 février 2020 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant le "Concept pour la légalisation du cannabis récréatif".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.


Paulette LENERT
Ministre de la Santé



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 1930 du 25 février 2020 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch et de Monsieur le Député Claude Wiseler concernant le "Concept pour la légalisation du cannabis récréatif".

Et läit effektive e Projet vun engem Konzept iwwert d'Reglementatioun vum Zugang zu rekreativem Cannabis vir. Allerdéngs handelt et sech heibäi em en provisoirescht Aarbechtsdokument, wat op Expert-Niveau ausgeschafft ginn ass an wourop och weiderhin geschafft gëtt. D'Konzept gouf bis elo nach net der Regierung virgeluecht.

D'Informatiounen vum Radio 100,7 iwwert den Inhalt vum Konzept, stëmmen zu engem groussen Deel mam aktuelle Contenu vum Konzept-Projet iwwerteneen. Et sief bemierkt, dass den Inhalt vum Konzept-Projet allerdéngs reegelméisseg ännert, an och iwwert déi nächst Méint nach änneren kann. D'Ministèren vun der Santé a vun der Justiz hunn decidéiert, d'Consultatiounen souwuel op internationalem Niveau, ewéi op interministeriellem Niveau ze verdéiwen. Vu dass et sech aktuell nach em en Avant-projet handelt, gëllt d'Prioritéit der Finalisatioun vun engem rigouréise Konzept.

D'Chamber wäert offiziell mat den Iwwerleeungen vun der Regierung zur Legaliséierung vum Cannabis befasst ginn, wann d'Konsultatiounen bis ofgeschloss sinn an den Text sprochräif ass.